N°5318
Reçue le 05.01.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vum Här Finanzminister Pierre Gramegna ob d'parlamentaresch Fro n°5318 vum 1. Dezember 2021 vum honorablen Députéierten Roy Reding iwwert d'Réglementéierung vun den Versécherungsgesellschaften zu Lëtzebuerg

Als éischt sief dorop higewisen, datt den letzebuerger Assurancensecteur sech an den leschten Joer weider gutt entweckelt an d'Finanzplaz hier Roll als pan-europäeschen Zentrum weider gestäerkt huet. Esou sinn d'Bilanzsommen vun den Assurancen an Re-Assurancen vun 182 Milliarden fir d'Joer 2013 op 312 Milliarden Enn 2020, d.h. ganzer +71% geklommen. Dës Stäerkung vum Sekteur spigelt sech och beim Emploi ërem. Haut beschäefteg den Sekteur Ronn 4.500 Leit. 2013 woren et der 3.700.

D'Aféierung vun der Solvency II Directive huet eng eenheetlech Uwendung vu Standarde fir Risikomanagement, finanziell Bewäertungsmethoden a prudenziell Iwwerwaachung uechter Europa erméiglecht. Eenheetlech Reegelen sinn wichteg fir den Lëtzebuerger Versécherungssecteur, deen iwwer 80% vu sengen Aktivitéiten am Ausland realiséiert. Dëst huet och mat derzou bäigedroen, dass 12 Brittesch Versécherer nom Brexit hiren europäeschen Siège op Lëtzebuerg verlagert hunn.

Wei all Direktive, ass d'Solvency II Direktive op Europäeschem Niveau verhandelt ginn, wou d'lëtzebuerger Vertrieder d'Interessen vun der Finanzplaz an Zesummenaarbecht mat hiren europäeschen Partner verteidegt.

Des weideren ass de Finanzministere mat allen concerneierten Akteuren an engem regelmeissegen Austausch, ennert annerem och fir dofir ze suergen, dass den nationalen Gesetzeskader um leschten Stand vun den Entwecklungen vum Marché ass.

Lëtzebuerg, den 05/01/2022

De Finanzminister

(s.) Pierre Gramegna